

De "Freie" Lötzeburger



Telefon : N° 12-34

Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht

Oppositio'nsblad

erschéngt regelmé'sseg onregelme'sseg

Verantwortleche Redacter : Déngens Dömy

Verwaltung : Prising am Grond

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

*So' secher we' ons d'Bierger wénken
könnt d'Freihétssonn en Dag ons blénken*

L Ö T Z E B U R G E R !

Vu mûer Ite November un ass ère Gro'ss : F l ö , wât wöllt hêschen " Frei Lötzeburg ".

All Patriotén musse sech, bis un d'Enn vum Krich, mat "F l ö gre'ssen (natirlech o'ni den Arm ze hiewen).

LÖTZEURG KLAPPT DEITSCHLAND MAT 95 OP 5 .

+++++

Dât hei ass net, we' dir vleicht mengt, d'Resultat vun engem Fo'ssball-Match. Nêen, et ass d'Resultat vun der Stömmong vum 10 Oktober 1941. Onse Gaul eiter hât fir den 10 Oktober eng " Personenstandsaufnahme" virgeschriwen. Op den Ziedelen, de' öonner d'Leid verdêlt si gin, woren II Froen ze beântweren :

- 1) Familiennamé und Vorname
 - 2) Stellung zum Haushaltsvorstand
 - 3) Familienstand
 - 4) Geburtsjahr, Geburtstag, Geburtsort
 - 5) Jetzige Staatsangehörigkeit
 - 6) Hauptberuf, Nebenberuf
 - 7) Muttersprache
 - 8) Volkszugehörigkeit
 - 9) Religionsbekenntnis
 - 10) Name, Vorname und Herkunft der Eltern und Grosseltern
- II) Wenn nur zufällig anwesend, Angabe der ständigen Wohnung.
Bei der Fro 7 wor bemierkt :

In der Regel besitzt jeder Mensch nur eine Muttersprache, in welcher er denkt und deren er sich in seiner Familie und im häuslichen Verkehr am liebsten bedient, weil sie ihm am geläufigsten ist, z.B. deutsch, italienisch, französisch, polnisch. Doch kommen auch besonders bei Personen in gemischtsprachigen Gebieten Fälle von Doppelsprachigkeit vor. Kinder, welche noch nicht sprechen, und Stumme sind der Muttersprache der Eltern zuzuzählen. - Dialekte (Mundarten), z.B. luxemburgisch, plattdeutsch, gelten nicht als Muttersprache.

Bei Fro 8 wor bemierkt :

Anzugeben ist das Volk, dem der einzelne sich innerlich verbunden fühlt und zu dem er sich bekennt, also deutsch, italiensch, französisch, polnisch u.dgl. Die Volkszugehörigkeit ist nicht mit der Staatsangehörigkeit oder der Muttersprache zu verwechseln und kann davon abweichen. Es soll auch

nicht die Stammeszugehörigkeit (wie z.B. luxemburgisch, bayrisch, sächsisch) eingetragen werden. Ein Bekenntnis zu zwei Völkern ist nicht möglich.

Für Kinder unter 16 Jahren ist die Volkszugehörigkeit des Erziehungsberechtigten bestimmend.

Et ass ze begreifen, dat de' Stömmong d'ganzt Vollék an eng gro'ss Opréjong brüecht hat, besonnesch well bei der Fro 7 bemierkt wor, dat d'lötzeburgesch als Sprôch net ge'f zielen, a well è bei Fro 8 eng Lötzeburgesch Nationalité't net hûet dierfen ungezin. De' Häre vum Gaul eiteramt haten also gemengt, mir ge'wen ons mat enger Majorité't vun 99 % zer deitscher Sprôch an zer deitscher "Volkszugehörigkeit" bekennen. An de' Fâl si mir ower net gângen, well soss hätte mir ons dem deitsche Reich direkt an d'Aerem geheit. D'lötzeburger Vollék hat de' gro'ss Gefor mat Zeiten agesin a sech virgeholl, obwûel et ge'nt d'Virschräfte wor, bei der Sprôch : lötzeburgesch a bei "Volkszugehörigkeit" : Lötzeburg ze schreiwen. A mir wösse jo all, wann de Lötzeburger eppes an der Klatz hûet, dann hûet en et net antzwo'sch ânescht.

We' ,op den 10 ten Oktober, de' e'scht Resultate bekannt si gin, haten 3 bis 5% deitsch, de' âner all lötzeburgesch gestômmt. Dât Resultat hat den Här SIMON sech net erward, wo' dach haut ongefe'er 1/3, d.h. 33 % vun de Lötzeburger an der V.d.B. sin. Wann de' Leid der V.d.B. freiwillig beigetrüede wiren, hätte sie och "deitsch" gestômmt. Also e Beweis dat vun dénen 33 % am beschte Fall nômme 5 % deitsch gesônnt sin, an dat de' âner all ge'nt hire Wöllen, ge'nt hirt Hîerz an der V.d.B. sin. Dûerfir brauch kê sech ze wonneren dat sie "lötzeburgesch" gestômmt hun. Am Gauleiteramt wor gângs eng gro'ss Nervosité't ze bemierken an et hat schons gehêsch, de Pappa SIMON hätt e Schlâg kritt. Onglécklechrweis wor ower neischt wo'er dervun. Wo'er ass ower dat hie kâl de Kapp verlûer hat. Hien hûet misse sichen e Möttel ze fannen fir aus dèr "débâcle" erauszekommen. Mat willer Me' hûet hien d'Sach regle'ert, dodûrch dat hien dèn Dag drop (11ten Oktober) bekannt gemacht hûet, de' 2 Froe 7 an 8 wiren net ze beäntwaren. So' stong am "WORT" vum 11-10-41 ze lîesen :

Anordnung zur Personenstandsaufnahme
+++++

Innerhalb der Bevölkerung Luxemburgs sind erhebliche Unklarheiten entstanden über die Ausfüllung der nach reichsdeutschem Muster aufzustellenden

Zählkarte
+++++

Insbesondere sind berechtigte Zweifel vorhanden, wie die Spalte 5

"Jetzige Staatsangehörigkeit "

+++++

auszufüllen ist, da einerseits ein luxemburgischer Staat nicht mehr besteht, während andererseits den Volksdeutschen im Gebiet von Luxemburg die Reichsangehörigkeit noch nicht verliehen ist. Da aber keinen deutschbewussten Luxemburger, insbesondere nicht den Amtswaltern und Mitgliedern der V.d.B. zugemutet werden kann, sich durch Eintragung in Spalte 5 als luxemburgischer Staatsangehöriger zu bezeichnen, wird hiermit angeordnet, dass die Ausfüllung der Zählkarte zu unterbleiben hat.

Ebenso hat in der Haushaltsliste die Ausfüllung der Spalte 10a "Staatsangehörigkeit" zu unterbleiben.

Luxemburg, den 10 Oktober 1941,
Der Chef der Zivilverwaltung
in Luxemburg
G U S T A V S I M O N
Gaul eiter.

Nên, Här Gauleiter, de' Ursâchen do de' greifen net. Grâd eso' gutt we' mir hûet dir viraus gewosst, dat de Lötzeburger kê Reichsdeitsche wir, an dat hie sech dûerfir och net als Reichsdeitsche konnt bekennen. Dir

hat gemengt dir hätt ons elo eso' weit möll gemacht, dat d'Resultat net könnt fêl schlon. Dir hat gemengt 99 % (vleicht och iwer 100 %) vun de Stömmen fir fech ze gewinnen an.....dir hûet fech de Fanger an d'A gerannt. An dât ass d'Ursâch wûerfir dir d'Stömmong opgehûewen hûet. Mir Lötzeburger hun fech elo bewisen (no eso' vill âner Beweisser), dat mir fech an ert Reich net am Hîerz dron. Mir hun fech och bewisen we' wo'er et wor wa mir ömmer vun der Long gesong hun : mir wölle jô kehg Preise sin. A:wann dir elo nach net verstânen hûet dat mir fech an ert ganz clique an d'önnescht Hell verwönschen, dann ass fech net ze hellefen. Dir sitt e Preiss an dè könnt dir bleiwen; ma eng Bemîerkong muss ech fech mân : Dir hûet d'Lötzeburger, de' e franse'sche Nûem dron, gezwongen hire Nûem ze Verdeitschen. Fir wât hûet dir ère Nûem (Simon) nach net geännert ? Fir wât schreiw dir ère Virnûem (Gustav) mat engem " V " amplâtz mat engem " f " (Gustaf) ? Schûemt dir fech vleicht en deitsche Nûem ze dron ?

De Preiss kann haut nach net verquössen durch de Kûerf gefall ze zin. Dât beweist am beschten den Artikel, dèn den 12ten Oktober, 2 Dég no der Stömmong, am " WORT " ze liese wor. Mir hu keng Plâtz fir de ganzen Artikel ofzeschreiw, wöllen ower hei en Dêl vun engem Paragraf eremgin, dè mir Lötzeburger ons am beschte gemierkt, hun :

" Insbesondere die ehemalige Grossherzogin hat nichts un-
 " versucht gelassen, den deutschen Sinn der Lützelburger unzu-
 " fälschen. Durch ihre wenig rühmliche Bindung an den russisch
 " minderwertigen Spielhöllenprinz Felix von Bourbon-Parma gab
 " sie ihrem Land ein schlechtes Beispiel. Sie selbst aber wur-
 " de aus einer deutschblütigen Fürstin zu einer Verräterin am
 " deutschen Volkstum und zur Bettgenossin eines haltlosen Bas-
 " tards.

De' frech, de' honnsgemeng Wieder si kengem Dâwen an d'O'er gefall. Wann dir mengt domet ons vun onser Dynastie ze trennen, da schneid dir fech. Dir hätt vill besser gedon fech selwer bei der Nûes ze hûelen, well wann engem Virwörf ze mache sin, dann ass et net onser Dynastie, ma dénen de' am Reich hetgesdags um Ruder sin. De' Leid solle sech an den Ierdküedem verkreichen.

Déngens Dömy

+++++

G U S T A F

=====

Ach Mensch was hast du doch für Sorgen
 im kleinen luxemburger Land,
 vom Abend spät bis früh am Morgen
 träumst du von Plänen allerhand.

Dem Führer gabst du dein Versprechen
 zu bringen uns ins grosse Reich,
 du sagst, kaputt vom Kopfzerbrechen,
 es muss gescheh'n und zwar sogleich.

" Als DEUTSCHE müsst ihr euch bekennen,

" so will es euer deutsches Blut,

" das Reich kann sich von euch nicht trennen,

" bei uns habt ihr es doch so gut.

Gustaf, mit diesen schönen Worten

ludst du das Volk zum Wahltisch ein.


Versprachst du nicht in allen Orten

zu zahlen den Champagnerwein ?

Und als wir jüngst zur Urne gingen

da hob sich gleich dein stolzes Haupt,

doch viel zu hoch die Trauben hingen,



wir hatten dir den "Sieg" geraubt.
Die Antwort war auf alle Fragen :
wir wollen bleiben was wir sind.
Die Schuld, die Scham hast du zu tragen,
es freut sich drüber jedes Kind.
Wer freies Land will anektieren
ohne dem Volk ins Herz zu seh'n,
der kann dabei sich nur blamieren,
sich sag'n : es ist mir recht gescheh'n.

Frang.

=====

U M F Ö S C H M A R T .

=====

Hengen Tunn a Gâssen Nick bege'ne sech um Föschmart.

Tunn - A' Nick, wât sin ech fro' dech ze gesin.

Nick : A we' dât dann ? Du wârs dach net eppes zem Beschte gin ?

Tunn - Nêh, Nick. Ower ech wês eppes wât dir me' Plese'er mecht we' en Humpen.

Nick : Dât kann ech hâl net glêwen. Da so mir wât dât ass.

Tunn - Elei kann ech dir et net soen. Komm mat bis op de "Rampart", do brauche mir net ze fierchten dat en ons nolauschtert.

- Um Rampart -

Nick : Me' weit gin ech net. Da so mir elo wât et ass, oder ech dre'en om.

Tunn - Du sollst et wössen, ma mach dass de d'Maul hälls, dat d'Preisen net derhannert kommen.

Nick : Fir wien hälls de mech ?

Tunn - Zönter e pûer Dég ass eng nei Zeidong eraus, de' de sche'nen Titel dre't.....

Nick :De "Freie" Lötzeburger.

Tunn - Hei, du wês et schons ? A wien hûet dir dât gesot ?

Nick : 't ass kê Kand an der Stâd dât se net kennt an net liest.

Tunn - Do hat ech gemengt et wir nach net bekannt.

Nick : Du Hânes. Ech wês nach me' we' dât.

Tunn - A wât dann ?

Nick : De' e'scht Nummer ass hei am "BOCK" gedrékt gin.

Tunn - Dât stömmt. An donidden am Prisong ass d'Verwaltung.

Nick : Richteg. An den Dêngens Dömy ass de Verantwortleche Redacter.

Tunn - Ech wês ower nach eppes wâts du net wês.

Nick : A wât dan ?

Tunn - We' de' ne'deg Möttel fand si gin fir d'Sach op d'Bên ze bréngen.

Nick : A ! Dât wês ech net. We' hu sie dât da fierdeg brüecht ?

Tunn - Den Dêngens Dömy hûet 4 Ausländer fond de' mat intresse'ert sin :
I Franso's, I Belschen, I Hollänner an I Preiss.

Nick : An e Preiss ? Nun hâl ower op.

Tunn - Jo, e Preiss. En echte Preiss.

Nick : Dann explize'er mir de' Sâch.

Tunn - Lauschter.

De Lötzeburger go'f Redacter,
De Franso's go'f d'Monne'ten,
De Belschen go'f d'Maschinen
An den Hollänner go'f Verwalter.

Nick : A wât go'f de Preiss dann ?

Tunn - De Preiss go'f.....ugeschass.

=====

3 A B , QUELQUE PART EN BELGIQUE .-Mir si fro' dat ons e'scht Nummer fech gefall hûet. Mir schécken fech vu gidfer Nummer 50 Exemplaren, an eso'gûer 100 wann der wöllt. Mir erwârden èr Norichten iwer d'Lötzeburger a Belgien, de' gutt an de' schlecht. Iwer de P. wösse mir genug Beschêd, nom Krich get dè gesängt we' e Schwein. Och de B. stêt op onser schwârzer Löscht.

=====